



Eng Enquête ass emol net méi gefrot gi bei der Affär vum Katar mat Cargolux. Wat ass beim Versprechen erauskomm vun der Regierung, Kloeerheet an där Affär ze schafen? Ausser engem Gefällegkeetsavis vun enger Consultance-Boîte, déi sech selwer hätt misse be-laaschten, awer hiren Avis nach deier ver-rechent huet, ass näischt erauskomm, a mir sinn ëmmer nach net gewuer ginn, wat geschitt ass am Virfeld vun deem Deal mam Katar.

Ech mengen einfach, dass eng Regierung net fräiwëlleg Saachen erausgëtt, déi si belaa-schten. Et brauch een dofir verschidde Moos-snamen. Et brauch ee verschidden Obligatiounen an et brauch een och, wann alles näischt déngt, Zwangsmoossnamen. Et brauch een zum Beispill e Gesetz zum Accès zu den Infor-matiounen. Dat kann e wichtegt Element si vun der Wahrheitsfindung, net nëmme fir d'Chamber, fir d'Deputéiert, mä och fir d'Press a fir d'Bierger.

Esou e Gesetz iwwert den Accès zu den Informatiounen ass jo ugekënnegt ginn. Mir waarden dorop. Mir hoffen awer just, dass et méi wäit geet wéi dee Code de déontologie, deem eis elo a Form vun engem Règlement grand-ducal virgeluecht ginn ass.

Ech mengen also, dass et och an Zukunft noutwendeg ass: Wann eng Regierung sech der Kontrollfunktoun vun engem Parlament wëllt entzéien, da brauche mer esou een En-quêtégesetz, dofir steet dat Enquêtegesetz och an den Texter. Ech gehéieren zu den absolute Verfechter vun esou engem Enquêtegesetz! Well ech mengen, dass eleng eng Enquête, wéi se am Gesetz steet, d'Méiglechkeet schafft vu Moossname wéi Perquisitiounen a Saisien, vum Héiere vun Zeien ënner Eed. An déi Zeie setze sech strofrectleche Konsequenzen aus, wa se e falschen Eed leeschten. Ech mengen, dass dat, esou wéi virun de Geriichter iwwre-gens och, absolut noutwendeg ass, wann ee wëllt der Wourecht méi no kommen.

E wichtegen Aspekt, mengen ech, an där heiter Gesetzesännerung ass deen: Wat geschitt, wann eng penal Enquête zesummefällt mat enger Enquête vun der Chamber?

Mir haten de Fall och souguer an der SREL-En-quête, déi zum Deel zesummegefall ass mam Bommeleer-Prozess. Et ass do gaangen ëm d'Implikatioun vum Geheimdengscht an d'Bommenattentater an den 80er Joren. An ech mengen, et ass haut net méi ofzestreiden, dass dat an iergendengem Mooss - wou déi ganz Envergure dovun nach net konnt er-grënnt ginn - effektiv de Fall war, dass et eng kloer Implikatioun ginn ass vun de Sécherheetsorganer vum Stat an déi Bomme-nattentater an den 80er Joren; eis Enquête huet esou Elementer geliwwert. Um Geriicht sinn nei Elementer derbäikomm.

An et ass mir zimlech kloer, dass dee Bericht, deen déi parlamentaresch Kontrollkommis-sioun vun Geheimdengscht an den 80er Jore (veuillez lire: 2008) geschriwwen huet iwwert de Stay behind an iwwert d'Implikatioun vum Geheimdengscht an déi Bommeleer-Affär, haut net méi esou kéint geschriwwen ginn. An dee Bericht huet zu engem kompletten Dé-douanement vun deem Service gefouert. Dat ass eppes, wat misst opgegraff ginn. Dat misst och haut nach opgegraff ginn!

Ech mengen, dee Prozess virun der Kriminal-kummer - ech wëll do e bëssen agoen op déi Trennung zwësche krimineller Enquête a poli-tescher Enquête -, deen hat jo zwee Voleten. Deen éischte Volet ass: Wien huet d'Bomme geluecht? Dat ass kloer e penale Fait. Dat kann nëmme e Geriicht nosichen.

Et gëtt awer och nach en anere Volet an der Bommeleer-Affär, dat ass dee politesche Volet. Dat ass de politesche Kontext vun den 80er Joren, deen esou eppes méiglech ge-maach huet. An do stelle sech eng Rei vu Froen: Op wat fir engem Niveau vum Stat wa-ren déi politesch Implikatiounen bekannt? Wat fir eng Roll spillt dobäi - iwwergens haut nach - d'NATO-Zougehéieregkeet vu Lëtzebuerg? Oder hir besonnesch Relatiounen mat den USA zum Beispill? Firwat a vu wem ass decidéiert ginn, betreffend déi Faiten net nëmme an der Poursuite pénale ze verhënnern, dass se opgedeckt ginn, mä och, se politesch doutze-schweigen, während awer zum Beispill an Ita-lien déi Saache politesch diskutéiert gi sinn?

Am Fong geholl huet d'Strofgeriicht, wat sech mam Bommeleer-Prozess befaasst huet, deelweis d'Roll misse spille vun enger Enquête-kommissioun, fir iwwerhaapt ze verstoen, wat de politesche Kontext deemools war vun där Saach, iwwert déi et verhandelt huet. An et konnt sech do mat Sécherheet net beruffen op de Rapport vun 2008, wat en „Weißwasch-Rapport“ war vum Geheimdengscht dee-mools, konnt sech awer zum Deel op eis En-quêtékommissioun beruffen, op Elementer do-rauser.

Aus all deenen Ursachen, well hei am Gesetz eng strikt Trennung gezu gëtt zwësche poli-tescher Enquête a penal Enquête, hunn ech mech an der Kommissioun géint déi Formuléie-rung am Gesetz ausgeschwat. Et kann net sinn, dass an alle Fäll, ënner allen Emstänn eng poli-tesch Enquête muss ophéieren, wann eng pe-nal Enquête ufänkt.

Ech mengen och, dass iwwert déi Berichter vun 2008 nach weider misst diskutéiert ginn. Et ass gesot ginn an der Kommissioun: „Dat ka jo geschéien an iergendenger Kommissioun. Oder souguer an der SREL-Kontrollkommissioun kann dat geschéien.“ Ech mengen awer, dass, wann et do geschitt, näischt wäert derbäi erauskommen.

An iwwergens weess jo dës Chamber, dass mir eis an der Enquêtekommissioun kloer derfir ausgeschwat hunn, dass d'Enquête net soll of-geschloss ginn, mä nach soll weidergoen, well eng Rei vu Saachen nach net opgedeckt konnte ginn.

Ech menge souguer, dass ënnert där neier Koalitioun, wou jo déi Partei, déi während där gan-zer Zäit permanent an der Regierung war, elo net méi an der Regierung ass, vläicht kéinten nei Aspekter erauskommen, vläicht kéinten nei Piécken iergendwou optauchen, déi en neit Licht géifen op dat Ganzt werfen. Dir erlaabt mer jo e bëssen ze dreemen hei.

Mir kënnen dofir och, eleng weinst där Formu-leierung, déi elo an deem Text hei ass, deen Text net stëmmen. Ech wëll och nach betou-nen, dass et besser wier, mir géife gläichzäiteg och hei eng Verfassungsännerung unhuelen, wou drasteet, dass een Drëttel vun den Depu-téierte kéint esou eng Enquête froen.

Ech mengen, dass dat ouni Zweifel méiglech gewiescht wier, dass ee sech do net hätt solle vum Statsrot berode loossen, fir dat der grou-ser Verfassungsännerung ze iwwerloossen. Mä ech mengen, dat hätt een och hei kënnen mat deem Gesetz hei zesummen diskutéieren. Em-sou méi, well ech och nach an der zoustänne-ger Kommissioun vun der Chamber, der Insti-tutionskommissioun, gefrot hunn, dass net nëmme soll een Drëttel vun den Deputéierten esou eng Enquêtekommissioun kënnen froen, mä dass och eng Minoritéit vun Deputéierten an der Enquêtekommissioun selwer soll d'Recht kréien, fir ze froen, zum Beispill, dass gewëssen Zeie kënnen gehéiert ginn oder dass gewëssen Akte vun där Kommissioun kënnen gesat ginn.

Well wann een dat nëmme ka maachen, wann eng Majoritéit vun der Kommissioun domadder d'accord ass, dann ass et esou wéi beim Ze-summeruffe vun enger Kommissioun, da ris-kéiert een nawell gären, dass da majoritär ge-sot gëtt: Neen, dat wëlle mer net. An ech fan-nen, och do misst d'Minoritéit an esou enger Enquêtekommissioun Rechter kréien, fir gewës-sen Enquêteschrëtter och selwer ze froen, fir dass se dann och geschéien.

Aus all deenen Ursache kann ech net esou tel quel deene Virschléi hei zoustëmmen. Obscho se eng Rei vu Verbesserungen, vu bessere For-muléierungen an esou weider bréngen, brénge se awer och wichteg Saachen, déi ech virdu kritiséiert hunn, mat eran.

An ech mengen, an Zukunft wäert et nach méi schwéier sinn, fir eng politesch Enquête ze maachen, wa gläichzäiteg eng penal Enquête leeft, obschonn déi zwou Enquêtes, menger Meenung no, sech net mussen an alle Fäll total géigeniwwerlafen, mä eng Enquête ouni Pro-blem kéint déi aner Enquête dynamiséieren an hir Elementer liwweren, déi wichteg wieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Urbany. An d'Regierung huet d'Wuert, den Här Justizminister.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der Re-gierung dem Alex Bodry als Auteur vun der Pro-position de loi an och als Rapporteur an all senge Kommissionsmembere Merci soe fir d'Initiativ an déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass. Eng Aar-becht, déi natierlech, ech soen emol, zu 95% Chambersinterna betrëfft, zu deene sech dann och d'Regierung net wëllt äusseren.

Ech wëll awer och als Vertrieeder vun der Regie-rung ënnersträichen, dass déi Commission d'enquête ronderëm de SREL net nëmme gewis-sen huet, dass et Nobesserungsbedarf gëtt am Gesetz, mä dass déi Kommissioun awer och be-wisen huet, wéi wichteg dass dat Instrument, wat mer hei zu Lëtzebuerg hunn, och ass. An ech mengen och - wéi eenzel Virriedner dat scho gesot hunn -, dass een dës Proposition de loi zesumme soll kucke mat där envisagéierter Revisioun vun der Verfassung, nämlech dee Passus, deen engem Drëttel vun den Depu-téierten d'Recht soll ginn, eng Enquêtekom-missiou anzeberuffen. An déi zwou Saachen

zesummen, mengen ech, wäerten op där hei-ter Fro derfir suergen, dass mer insgesamt eng besser Situatioun hunn.

D'Regierung ass awer e bësse beträff duerch déi Texter, déi mer haut maachen. Eng éischte Kéier doduerch, dass och d'Chamber kann zrëckgräifen, fir zum Beispill d'Scelléen ze ap-poséieren, op Membere vun der Force publi-que. Domat huet d'Regierung ausdrécklech kee Problem. Mir mengen effektiv, dass do eng Ze-summenaarbecht ubruecht ass.

A virun allem sinn ech awer frou - an do deelen ech dem Här Urbany seng Meenung net ganz, deels kann ech se novollzéien, ech deele se awer net ganz - iwwert déi spannend Fro, wéini eng parlamentaresch Enquête soll kënnen stoe bleiwen zugonschte vun enger Initiativ vun de Justizautoritéiten.

Theoretisch kann ee sech wierklech virstellen, dass een dat ka parallell lafe loossen. Et geet och sécher deelweis. Do kënnen och Elementer wierklech dra si vun Dynamiséierung vu béiden Enquêtes. Wat den Här Urbany awer net er-wähnt huet, dat ass awer déi Gefor, déi dann och mat besteet, nämlech déi vum Torpedéiere vun där anerer Aarbecht.

Mir lafe reell Gefor, wa mer net genau wëssen, wou d'Ligne de partage muss gezu ginn, dass Elementer, déi an där politescher Enquête gesat ginn, kënnen dozou féieren, dass Rechter vun der Défense léséiert ginn am Kader duerno vun de judiciairen Initiativen. Dat kéint dozou féie-ren, dass och Leit missten eventuell fräige-sprach ginn, well eenzel Elementer polluéiert wieren duerch déi politesch Enquête. An dat ass awer och eng ganz reell Gefor, déi kann een net einfach ignoréieren.

Dofir, ech deelen zum Deel, wat Der sot, Här Urbany, mä Dir sot awer net alles, wat een do-zou muss soen. A wann een alles an Erwägung zitt, da kann dat hei natierlech eng Solutioun sinn, déi och emol déi eng oder déi aner Kéier - esou oft geschitt dat jo och net, glécklecher-weis - tatsächlech ka vläicht als eng ze fréi age-häite Brems wierken, dat mag sinn! Mä dat ass awer déi eenzeg Solutioun, déi eis garantéiert, dass an all de Fäll déi judiciaire Enquêtes net wäerten torpedéiert ginn duerch déi politesch.

Heimadder hu mer weinstens déi Garantie. An dat ass net näischt! Dofir ënnerstëtzen ech als Justizminister ausdrécklech dës Ligne de par-tage, och wann ee se heiansdo ka méi wäit zéien. Mä hei wësse mer genee, wat mer maachen.

Och dee Kompromëss, dee fonnt ginn ass, fan-nen ech e ganz rasonabelen. Dee berout a fousst op Bestehendem. Mir wëssen, wat mer do maachen. Mir wëssen, op wéi een Terrain dass mer ginn. An dat halen ech weinst den As-pekter vun der Rechtssécherheet a vun der Kloeerheet vun Partage fir déi besser Solutioun. Déi aner kann ee sech politesch wënschen, mä si biergt Geforen, Här Urbany, déi mer net mai-trisiéiere géifen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Justizminister. Mir wäeren domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mer géifen zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 6623 iwwergoen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6623 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

60 Deputéiert hunn un der Ofstëmmung deelgeholl. 58 hu mat Jo gestëmmt an 2 Abs-tentiounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marc Spautz), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Mi-chel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Barto-lomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro-berto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

*Se sont abstenus: MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.*

Ech ginn dovun aus, dass déi Abstentione mo-tivéiert sinn, an ech géif dann de Projet als adoptéiert erklären an d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungs-méissege Vote ze ginn.

#### (Assentiment)

Dat ass de Fall. Dann ass dat esou decidéiert. Merci.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Diskussioun vun der Proposition de loi 6558 iwwert d'Unzuel vun Deputéierte pro Wahlbezierk. Déi Proposition de loi ass vum Här Gibéryen abruecht ginn.

An de Rapporteur, den Här Franz Fayot, huet direkt d'Wuert. Här Fayot.

### 17. 6558 - Proposition de loi portant fixation du nombre de députés à élire par circonscription électorale

#### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President.

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, dës Proposi-tion de loi ass, wéi gesot, duerch den Depu-téierte Gast Gibéryen den 21. Mäerz 2013 dé-poséiert ginn. Si ass laut eise Reglement vun der Chamber als recevabel erkläert ginn. Si ass dun un d'Regierung weidergeleet ginn, déi se un de Statsrot ginn huet.

De Statsrot huet säin Avis den 8. Oktober 2013 iwwerdroen an de Projet ass dun an d'Insti-tutionskommissioun komm. D'Institutionskom-missiou huet sech an hirer Sitzung vum 2. Abrëll dëst Joer mat deem Projet hei auseree-gesat an ech sinn och an där Réunioun als Rapporteur bestallt ginn. Ech hunn den 2. Juli 2014 dee Rapport presentéiert, deen dun och mat e puer Modifikatiounen ugeholl ginn ass.

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, dës Proposi-tion de loi proposéiert eng Ännerung vum Arti-kel 117 vum Wahlgesetz vun 2003. Dir wësst, dass d'Zuel vun den Deputéierte pro Wahlbe-zierk duerch d'Gesetz vum 20. Dezember 1988 festgeluecht ginn ass op eng fix Zuel pro Be-zierk. Dir kennt se, mä ech rappeliéiere se just kuerz: Dat sinn der 21 fir den Zentrum, 7 fir den Osten, 9 fir den Norden an 23 fir de Sü-den. An et ass u sech dës Opdeeling, déi vun der Proposition de loi vum Deputéierte Gibé-ryen kritiséiert gëtt.

D'Grondkritik ass, dass aus dësem System dem Auteur vun der Proposition de loi no eng On-gerechtegkeet entsteet, well eng Stëm net déiselwecht Gewichtung huet an all Bezierk. An et ass effektiv wouer, dass a verschiddene Bezierker eng Lëscht méi Stëmme muss kréien, fir en Deputéierte kënnen an d'Chamber ze schécken, wéi an aneren.

Vun deem Constat oder vun där Meenung aus-goend, mécht den Auteur vun där Proposition de loi zwou Ännerungsproposen. Déi éischst ass déi, fir d'Referenz op déi wahlberechtiggt Popu-latioun ze maachen, an net méi wéi bis elo op d'Awunnerzuel an deene verschiddene Bezier-ker. An déi zweet Propos ass, fir bei all Wahl eng nei Festsetzung vun der Zuel vun den Depu-téierte pro Bezierk ze maachen, opgrond vun enger nationaler Moyenne vun der wahl-berechtigter Populatioun, ouni allerdéngs och an dësem neie Mode de calcul déi 60 Depu-téiert a Fro ze stellen, déi elo am Gesetz stinn.

Et ass, mengen ech, net onnätzlech, op dësem Punkt vläicht ze rappeliéieren, wou dës Kom-promëss hierkënn, wou d'Gesetz vum 20. Dezember '88 hierkënn.

#### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

E kënn hier aus der Period 1983-1988. D'Po-pulatioun war vun 340.000 1971 op bal 365.000 Awunner 1981 gewuess an et war kloer virun de Wahlen 1984, dass d'Zuel vun den Deputéierte géif vun 59 op 64 eropgoen. An et war deemools eng hëtzeg Diskussioun an och an der Opinion publique eng gewëss Emo-tioun par rapport zu deem Phänomeen vun der Inflation vun den Deputéierten, dat heescht deem Wuesse vun der Chamber vun 59 op 64, soudass d'Parteien, déi dräi grouss Parteien, d'CSV, d'LSAP an d'DP, deemools '83 schonn den Engagement geholl hunn, fir no de Wah-len '84 vu 64 erëm zrëckzekommen op d'Zuel vun 59.

Déi parlamentaresch Aarbechten zum Gesetz, wat schlussendlech sollt d'Gesetz vum 20. Dezember '88 ginn, weisen, an déi politesch





Zäitzeien - a wahrscheinlech nach eng Partie vun hinnen ënner eis hei an dëser Chamber - soen engem och, dass dat deemools keen einfache Wee war vun där politischer Deklaratioun vun '83 bis zu der Adoptioun vun där Mesure kuerz virun de Chamberswahlen 1989. Um Enn vun deenen Aarbechten, vun deene laangen Aarbechten, gouf d'Zuel vun den Deputéierte schlussendlech op 60 festgesat am Artikel 51 Alinéa 3 vun der Constitutioun.

Wat interessant ass, dat ass de Kompromëss, dass déi Basis vun där Festsetzung e Kompromëss war tëscht de Positiounen vun deenen dräi grouse Parteien. An dee Kompromëss huet u sech dora bestanen, dass ee souwuel d'Awunnerzuel considéiert huet wéi och d'Wielerzuel. Déi zwee Kritäre sinn zréckbehale ginn. De Rapporteur vun deemools, den Alex Bodry, huet a sengem Rapport drop higewisen, dass d'Opdeelung vun de Sëtzer, déi hei zréckbehale ginn ass, net vill anescht gewiescht wär, wann ee sech op deen een oder deen anere Kritär festgeluecht hätt.

An hien huet dat illustréiert mat folgenden Zuelen: Wann een eleng nëmmen d'Populatioun geholl hätt, da wär een am Süden op 23 Sëtz komm, am Zentrum op 22 Sëtz, am Osten op 6 an am Norden op 10. Wann ee par contre d'Wieler geholl hätt, da wär een am Süden op 24 Sëtz komm, fir den Zentrum op 19, fir den Osten op 7 a fir den Norden op 9, soudass déi schlussendlech Zuel vun Deputéierte pro Bezierk u sech e Kompromëss mat enger gewësser Flexibilitéit zwëschen deenen zwee Kritären deemools schonn duergestallt huet.

D'Fro, déi dës Proposition de loi elo opwërft, ass, ob ee soll zréckkommen op e System, wou een eng flexibel Festsetzung mécht vun enger Wahl zur anerer. Ech soen „zréckkommen“, wann ee bedenkt, dass mer u sech déi variabel Fixatioun do haten, quitte dass et mat engem anere System war.

De Statsrot, d'Regierung an och d'Institutionskommissioun hunn dës Fro mat Nee beäntwert. An et gëtt dofir u sech dräi Grënn. Deen éischte Grond ass deen, dass et u sech géif e Paradigmewiessel duerstellen, wa mer elo géifen eleng op de Kritär vun de Wieler goen. De Statsrot huet a sengem Avis gewisen, dass historesch ni an eise Land d'Wieler considéiert gi sinn, mä ëmmer nëmmen d'Awunner fir d'Festsetze vun den Deputéierte pro Bezierk.

Den zweete Grond ass deen - an dee weist de Statsrot a sengem Avis och kloer op -, dass u sech d'Rechnung opgrond vun deem virgeschloene System net géif op ganz grouss Ënnerscheeder erauslafen zu deem aktuelle System, dee mer elo hunn. De Statsrot rechent vir, dass, wann een elo géif zum Beispill d'Joren 2011 an 2013 huelen, et do keen Ënnerschied géif ginn an der Sëtzopdeelung zwëschen de Bezierker, selon dass ee géif deen ale System huelen oder deen neie System mat där Moyenne électorale nationale, zouginnereis op Basis vun der Prise en compte vun den Awunner an net vun de Wieler.

An deen drëtten Grond ass deen, dass laut Constitutioun den Deputéierten d'ganz Land representéiert. D'Constitutioun seet: «La Chambre des Députés représente le pays. Les députés (...) ne peuvent avoir en vue que les intérêts généraux du Grand-Duché.» Soudass et u sech e falscht Signal wär par rapport zu där Dispositioun an der Constitutioun, fir elo op e Wee ze goen, wou hie géif am Endeffekt de Wieler aus sengem Bezierk representéieren an net d'ganz Land.

An aus all deene Grënn ass d'Institutionskommissioun zum Schluss komm, dass dësen Text net sollt gestëmmt ginn.

D'Opdeelung a véier Bezierker, déi 1919 beschloss ginn ass, huet op enger wirtschaftlecher a soziologescher Realitéit baséiert, déi eng aner war wéi haut. Den Norde war deemools exklusiv landwirtschaftlech, den Oste war wirtschaftlech eng Wäibauregioun an och eng Landwirtschaftsregioun, de Süden an den Zentrum waren urban an industriell Géigenden. An d'Existenz vun deene Bezierker an hir soziologesch Eegeschafte hunn engem ganz präzise politesche Wëllen entsprach. Et ass drëm gaangen, e Gläichgewicht ze fannen zwëschen Regiounen, déi oft verschidden, jo ganz géigesätzlech Interesse vertrueden hunn.

An et war d'ailleurs och net onschëlleg, dass bis 1954 d'Chamber ëmmer nëmmen mat Hallschente remplacéiert, nei gewielt ginn ass. Den Zentrum an den Norde si separat nei gewielt gi vum Süden a vum Osten, erëm eng Kéier mat der Iddi, fir eng gewëss Stabilitéit ze

behalen an e gewëssen Équilibre zwëschen deem méi konservativen Norden an Osten an deem e bësse méi turbulenten Zentrum a Süden deemools.

#### (*Interruption et brouhaha*)

Op alle Fall ass et esou, dass dës Proposition de loi u sech indirekt - an ech soen indirekt - d'Fro opwërft vun enger eventuell méi breeder Diskussioun iwwer eise Wahlsystem an iwwert d'Fro vun enger, jo, vun enger Circonscription unique. Dat ass eng Diskussioun, vun där d'Institutionskommissioun bal unanime der Meenung war, dass se net sollt gefouert ginn am Kader vun dëser Proposition de loi, mä trotzdem ass déi Fro eng justifiéiert Fro am Lëtzebuerg vun 2014. Voilà!

Ech géif dofir gären als Rapporteur vun dëser Proposition de loi der Chamber recommandéieren, dës Proposition de loi net ze stëmmen.

Ech géif ofschléissend just nach gären eng Observatioun maachen, net als Rapporteur, mä a mengem perséinlechen Numm. Et muss een och gesinn, dass dës Proposition de loi an e Kontext kennt vun engem Land, wou mer säit 1993 mam Maastricht-Traité den europäesche Matbierger d'Recht ginn, fir souwuel bei Europawahle wéi bei lokale Wahle matzestëmme. 2004 hu mer dat ausgewäit op Netressortisanten aus Drëttlänner.

► **Une voix.**- Net fir d'Europawahlen.

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Mir hunn haut e Kontext, wou mer 43% Populatioun Auslänner hunn. Mir denken driwwer no - am Kader vun engem Referendum -, fir d'Lëtzebuerger ze froen, ob se d'accord sinn, d'Wahlrecht bei nationale Wahlen auszebreen op eis auslännesch Matbierger. Dat heescht, mir sinn an engem, déi nei Regierung och ass an engem politesche Mouvement, fir ëmmer méi Integratioun ze kréie vun eisen auslännesche Matbierger. An och aus deem Grond ass et fir mech an och fir meng Partei ganz kloer, dass dës Proposition de loi e Schrëtt an déi falsch Richtung ass.

Voilà, dat gesot, géif ech lech Merci soe fir d'Nolauschteren. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Fayot als Rapporteur vun dëser Proposition de loi. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Gast Gibéryen, deen den Auteur ass och vun der Proposition de loi. Et wär dann un lech.

#### *Discussion générale*

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), *auteur*.- Merci, Madame Presidentin. Ech wëll fir d'Éischt dem Kolleeg Franz Fayot Merci soe fir säi korrekte Bericht, deen en hei am Numm vun der Kommission gemaach huet.

Ech mengen, déi Proposition de loi iwwert d'Opdeelung vun de Mandater vis-à-vis vun deene respektive Bezierker fir d'Wahlcampagné fir d'Chamberwahlen, déi huet eng spezifesch Opfaassung an déi huet de Kolleeg Fayot jo hei matgedeelt. Ech wäert awer nach dorop zréckkommen.

Mir stellen awer fest, dass eise Wahlsystem insgesamt e puer Ongerechtegkeete vis-à-vis vun deene méi kleng Parteien huet: éischters direkt wat d'Sëtzverdeelung ubelaangt, d'Proportionalitéit, wou mer wëssen, dass e Reschtsëtz éischter un eng grouss Partei geet wéi datt en un eng kleng Partei geet, an zweetens d'Prozenter, déi ee muss kréie pro Bezierk, fir e Mandat ze kréien. Esou huet e Bezierk wéi de Süden... mat 4,16% kritt een do en Deputéierten, am Zentrum 4,54%, am Norden 10% an am Osten 12,5%.

Dat sinn eiser Meenung no aus dem System eraus zwou Ongerechtegkeeten, déi sech doräus erginn, déi awer näischt direkt mat dëser Proposition de loi ze dinn hunn, ech wollt déi just ernimmen.

Déi Ongerechtegkeet - eiser Meenung no -, déi dës Proposition de loi beschäftegt, dat ass d'Opdeelung vun de Mandater pro Bezierk. Déi ablécklech Opdeelung ass, de Rapporteur huet se scho genannt: De Süden huet der 23, den Zentrum 21, den Norden 9 an den Oste 7. Dat geet eraus, déi Opdeelung, déi niddergeschriwwen ginn ass, aus engem Arrangement vun 1988 tëschent den dräi Parteien CSV, LSAP an DP.

Eiser Meenung no verstéisst dës Opdeelung géint den Artikel 10 vun eiser Verfassung, dee seet: «Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi.» D'Lëtzebuerger, an dësem Fall sinn dat d'Wieler, déi bei de Chamberwahle kënnen wéile goen.

Wa mer da kucken, wat de Wäert vun enger Stëmm pro Bezierk ass, da mussen mer feststellen, datt een, fir e Mandat am Zentrum ze kréien - dat sinn déi lescht Chifferen, déi mer geholl hu vun 2009 -, 3.008 Stëmmen oder

Wieler brauch, am Süde fir ee Mandat 3.906, am Oste 4.353 an am Norde 4.428. Et muss een also vill méi Wieler am Norden hunn, fir e Mandat ze kréien als Norden, an am Osten, wéi dat zum Beispill de Fall ass am Zentrum.

An anere Wieder gesot, ass am Norden an am Osten engem Wieler seng Stëmm manner wäert, wéi engem Wieler aus dem Zentrum seng Stëmm wäert ass. Fir eis als ADR ass dat eng Violatioun vis-à-vis vum Artikel 10 vun der Constitutioun, deen, wéi gesot, seet: «Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi.»

Ech wëll och hei mat bemierken, déi perséinlech Remarque, déi de Kolleeg Fayot zum Schluss gemaach huet, wat d'Auslännerwahlrecht ubelaangt: Ech wëll elo net d'Debatt iwwert d'Auslännerwahlrecht hei analyséieren - mä just de Fait, wa géifen Auslänner kënnen mat hei zu Lëtzebuerg wéile goen, da wieren dat jo an dësem Sënn och Électeurs. Da wieren dat Électeurs an d'Verfassung misst deementsprechend jo dann och geännert ginn an da wier dat jo selbstverständlech, datt déi an där Berechnung och géifen als Électeurs mat afléisen. Duerfir, mengen ech, ass déi Iwwerleung net grad déi richtig.

D'Proposition vun eis als ADR, déi seet am Fong, datt d'Mandatsverdeelung pro Bezierk ëmmer misst gerechent ginn opgrond vun de Wieler pro Bezierk. Déi Berechnung géif all Joers gemaach ginn opgrond vum Stand, dee mer den 31. Dezember feststellen. An et géif also all Joers eng nei Berechnung gemaach ginn an dat géif och domadder... Well et ass laang diskutéiert ginn: Mécht een dat dräi Méint oder sechs Méint virun de Wahlen? Mä et ka jo och emol eng Iwwerraschung kommen, wéi mer se virun engem gudde Joer erlieft hunn, datt mer eng Regierungskris kréien, an dann hätt een déi Berechnung net gemaach. Duerfir soe mir, am Prinzip hätt een déi Rechnung sollen all Joers maachen, dann ass se ëmmer fix, wéi d'Evolution vun deenen eenzelne Mandater pro Bezierk wier.

Domadder géif erreecht ginn, datt d'Zuel vun deene 60 Mandater net géif änneren, mä datt se am Verhältnis „Opdeelung an deene véier Wahlbezierker“ ëmmer esou wier, wéi d'Wielerzuel an deem eenzelne Bezierk am Ganzen ass. An et géif domadder erreecht ginn, datt eng Stëmm vun engem Wieler am Norde wéi am Osten, am Zentrum an am Süde fir ëmmer déi gläich Stärkt hätt!

Dat ass d'Zil vun dëser Proposition de loi.

D'Divergenzen, déi mer hei hunn um politesche Plang, bestinn doranner, datt mir als ADR vertrieden, datt d'Wieler - dat sinn d'Lëtzebuerger - misse geholl gi fir d'Berechnung vun de Mandater pro Bezierk, an datt d'Majoritéit heibannen an och de Statsrot am Fong soen, datt als Basis net nëmmen d'Wieler, mä och d'Awunner misse geholl ginn.

Ech erënneren awer drun, dass deemools, wéi deen Artikel an d'Gesetz komm ass, do am Fong drastong, datt als Basis souwuel d'Wieler wéi d'Populatioun géifen zielen, an datt op Proposition vum Statsrot dee leschten Deel vum Saz du gestrach ginn ass, datt dat also net am Gesetz deemools zréckbehale ginn ass, déi zwee Punkten: souwuel d'Wieler wéi d'Populatioun.

Mä et ass esou, d'Gesetz schweigt sech am Fong doriwwer dout aus. Et seet am Fong näischt dozou, opgrond vu wat datt dat berechent gëtt. Well deemools am Fong och schonn - an ech wëll drun erënneren, wann een d'Dokumenter noliest - d'CSV an d'DP derfir agetruede sinn, datt d'Populatioun misst geholl ginn, an datt d'LSAP deemools derfir agetruden ass, datt am Fong d'Wieler misst geholl ginn. Zumindest deemools war d'LSAP dann op där Wellelängt, wéi mir haut sinn. Mä den Arrangement huet dunn derzou gefouert, an den Avis vum Conseil d'État, datt dat am Gesetz am Fong net festgeschriwwen ginn ass, weder dat eent nach dat anert.

Mir sinn also der Meenung, datt ee muss hi-goan an dat heite maachen. Mä mir gesinn awer och, datt et keng politesch Majoritéit gëtt. Dat ass nun emol eben an enger Demokratie esou.

Et deet eis leed, well mir mengen, hei wier éischters dem Artikel vun der Verfassung Rechnung gedroe ginn, datt ee Lëtzebuerger esou vill wäert wier wéi deen aneren, datt also och engem Lëtzebuerger seng Stëmm esou vill wäert wier wéi deem anere seng, wat an där aktueller Situatioun net de Fall ass. An dofir hu mir déi Proposition de loi aus Iwwerzeegung gemaach a sinn och der Meenung, datt déi Proposition de loi hei richtig ass, och wa se haut vun der Chamber net ugeholl gëtt.

Ech géif dann ofschléissend dat och hei wëllen ënnersträichen, wat de Kolleeg Fayot hei gesot huet, wat d'Circonscription unique ubelaangt. Och mir als ADR sinn der Meenung, wa mer net mat dëser Proposition duergeluecht, an

wat jo de Fall schéngt ze sinn heibannen, datt dann d'Kommissioun vun den Institutionen sech mat der Fro vun der Circonscription unique hei sollt beschäftegen.

De Kolleeg Fayot huet hei am Kader vun dëser Proposition de loi virdrun zitéiert - wat awer menger Meenung no zu dëser Proposition de loi net dat richtig Argument wier -, den Deputéierte wier verpflichtet, sech vis-à-vis vum „ganze Land“ ze engagéieren. Dat ännert jo näischt domat, wéi d'Opdeelung tëschent den eenzelne Bezierker ass, mä, wann een dat ervirzitt, wier et en Argument, fir eng Circonscription unique anzeféieren hei am Land.

Op jidde Fall ass d'ADR och fir eng Circonscription unique. Mir wollten een Abléck hei eng Resolutioun maachen, mat där mer als Chamber sollten d'Kommissioun vun den Institutionen mat där Fro chargéieren. Mä vu datt och am Rapport vun der Kommission zum Schluss iwwert d'Circonscription unique geschwat ginn ass an de Rapporteur och hei selwer déi Ureegung gemaach huet, hu mer drop verzicht, mengen ech, fir eng Resolutioun ze maachen. Mä mir wollten hei awer just deklaréieren, datt mer als ADR, am Fall wou dës Proposition de loi net ugeholl gëtt - wat jo schéngt de Fall ze sinn -, datt mer dann awer mat an der Commission des Institutions a Richtung Circonscription unique wëlle schaffen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Gibéryen fir seng Explikatiounen. Nächsten ageschriwwenen Deputéierten ass den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, ech ruffen lech op d'Tribün.

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, d'Proposition de loi 6558 wëllt den Artikel 117 vun eise Wahlgesetz änneren. D'Virriedner, de Rapporteur Franz Fayot an och den Här Gibéryen, hu schonn e ganzen Deel vun deenen Argumenter gesot - deen een derfir an deen aneren dergéint -, fir deen Artikel ofzeännere oder net ofzeännere. Ech wëll dofir net an d'Detailer goen.

Sécher ass op jidde Fall, dass d'Wahlgesetz eng ganz sensibel Matière ass. Si ass ganz sensibel, well doduerch och justement d'Zuel vun den Deputéierte festgeluecht gëtt an eigentlech dat demokratescht Geschéien an engem Land bestëmmt gëtt.

En däitsche Verfassungsrechtler huet gesot: „Et kann een d'Demokratie vun engem Land jugéieren no sengem Wahlgesetz.“

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Dat ass richtig. Dat kann ech och deelen. An dofir ass et och legitim, dass ee periodesch d'Wahlgesetz nokuckt, dass een iwwerleet: Si mer nach mat deem Gesetz, wat mer elo hunn, leie mer do nach richtig? Si mer nach an der Linn vun engem demokratesche Stat, an deem och all Bierger sech vertruede fillen, oder misse mer eppes dorun ännere goen? Ech mengen, déi Fro ass legitim, an et ass och gutt, dass d'Chamber sech periodesch mat där Matière ofgëtt.

Ech wëll awer haut net e generellen Débat doriwwer hunn, well mir si ganz konkret a limitéiert mat engem Artikel befaasst. Dat ass den Artikel 117. Den Auteur vun där Proposition de loi fënnt, dass de System, wéi mer en elo hunn, wou d'Deputéiert geméiss dem Artikel 51 Paragraph 3 vun der Verfassung festgeluecht ginn an engem Gesetz, dass dat net gerecht wier. Am Text seet en, et wier - an en huet et och répétéiert - eng Inégalitéit am Sënn vum Artikel 10 vun der Verfassung.

Wann ee vun Inégalitéit schwätzt, da kann een nëmmen déi Leit matenee vergläichen, déi hoergenee an deeneselwechte Situatiounen sinn. Dofir kann ee sech d'Fro stellen, reng juristesche gesinn - ech wëll déi och net bis zu Enn diskutéieren, well do gëtt et och Pro a Kontra -, ob een hei d'Deputéiert vun engem Bezierk no de Wieler oder no de Stëmmen, déi se müssen hunn, mat engem Deputéierte vun engem anere Bezierk ka vergläichen a soen: Mir sinn hei an enger Inégalitéit. Mir violéieren den Artikel 10 vun der Verfassung.

Ech sinn net där Meenung! Ech sinn der Meenung, wa mer géife feststellen, dass am selwechte Bezierk Inégalitéiten aus iergendwelcher Ursach géifen optauchen, da kéint een natierlech ganz kloer soen: Do ass e Verglach méiglech. Ass de Verglach awer méiglech tëschent Deputéierte vun zwee Bezierker, wou et eng aner Zuel ass, wou et och, datt ass richtig, en anert Wielerpotenzial gëtt?

Et sinn eng ganz Rei Froen, déi do matspillen. An dofir wier ech perséinlech op jidde Fall ganz





virsiichteg, fir do ze soen, et wier eng Inégali-téit am Sënn vum Artikel 10 vun der Verfas-sung.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la prési-dence.)**

Ech wëll soen, ech hunn et scho virdu gesot, dass déi zwee Virriedner exzellent waren, dass den Här Fayot op eng exzellent Aart a Weis a sengem schréfftlechen a mëndleche Rapport an den Här Gibéryen och an dem Text selwer vu senger Proposition an och a sengem mëndleche Virtrag déi Matière gutt exposéiert hunn, sou dass ech net an d'Detailer brauch ze goen. Ech soen hinnen och dofir Merci.

Ech wëll awer soen, dass eis Partei mat där Pro-pos - Dir hutt dat selwer schonn ugedeit -, mat Arer Proposition de loi net d'accord ass. An ech wëll eigentlech soe firwat. Et ginn a mengen Aen dräi Punkten, fir net dermat d'accord ze sinn.

Deen éischten ass deem, deem huet och den Här Fayot schonn exposéiert: Am Ablack pro-poséiert Dir ee Changement de paradigme ra-dical. Dir gitt vun der Basis vun der Bevölke-rung ganz ewech, fir nëmme méi d'Wieler ze considéieren.

An do kann ee sech awer wierklech, wéi och de Conseil d'État et gemaach huet, d'Fro stellen, ob dat am Sënn vum Artikel 50 vun der Verfas-sung ass, dee seet, dass d'Deputéiert d'Land vertrieben. Ganz kloer, e seet net: D'Deputéiert vertrieben hir Électeurs! Mä e seet awer sou-guer, e schwätzt vu Committants. An e schléisst eigentlech... Comittants ass e bësse vag, domat kann een d'Wieler verstoen, mä e seet awer an engem Saz duerno, dass den De-putéierten d'Intérête vum ganze Land ze ver-trieden huet an net nëmmen d'Intérête vu sen-gem Bezierk.

Dofir mengen ech och, wa mer an déi Richtung géife goen, wéi Dir et proposéiert hutt, fir nëmme méi d'Wielerzuel ze considéieren, dass dat e Changement wier, deem der Im-portenz vun de Bezierker net Rechnung géif droen, deem och dann d'Bevölkerung, déi aner Leit, déi net viele kënnen goen, nach net viele kënnen goen oder iwwerhaapt kee Wahlrecht hunn, guer net considéiert. A mengen Ae wier dat e schlecht Zeeche vis-à-vis vun deenen dote Leit. Dat si Bierger, dat si Bierger wéi d'Wieler och, déi zwar kee Wahlrecht hunn, mä déi dee Moment, mengen ech, awer musse considéiert ginn. Wann Der schonn de Poids op d'Bezierkerleet, mengen ech, dass ee pro Bezierk awer och déi Leit do mat muss considé-rieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - En zweet Argument: Dir changéiert och d'Aart a Weis, wéi d'Zuele vun den Deputéierte festgeluecht ginn. Déi Prozedur wëll ech net répéteren, Dir hutt se gesot: Dirleet eng Moyenne électo-rale nationale fest an dann dividéiert Der d'Zuel vun den Électeurs duerch déi Moyenne, déi do erauskënnt, an do kritt een dann eng Zuel vun Deputéierte pro Bezierk. Déi Moyenne soll all Joers op den 31. Dezember festgeluecht ginn. An da sot Der, dass sechs Méint virun de Wahlen, bei normale Wahlen, d'Zuel vun den Deputéierten opgrond vun där Prozedur, déi Dir virschreift, mat där Moyenne électo-rale nationale misst festgeluecht ginn.

Dir sot net, wien et mécht. Mä d'Verfassung seet eis et. D'Verfassung seet am Artikel 51 Pa-raph 3, dass duerch e Gesetz, wat mat enger Majorité qualifiée gestëmmt gëtt, d'Zuel vun den Deputéierte pro Bezierk fixéiert gëtt. Dat heescht, d'Chamber misst sechs Méint virun allen nationale Wahlen e Gesetz stëmmen mat enger qualifizierter Majoritéit, fir dann d'Zuel vun den Deputéierte pro Bezierk ze fixéieren. Bei der Opléisung vum Parlament géif dat direkt no der Opléisung geschéien.

Ech hunn zwee Bedenken: Deen éischte Beden-ken, dat ass, dass mer elo kee Gesetz méi hät-ten, wat eigentlech direkt dem Artikel 51 Pa-raph 3 géif entsprechen. Mir misste bei all Wahlen esou ee Gesetz stëmmen. Wat geschitt, wa par impossible bei enger Opléisung esou ee Gesetz net méi ka gestëmmt ginn? Well mir sinn nämlech an engem anere konstitutionellen Délaï bei der Opléisung dran. Dat ass deem, dass, wann d'Chamber opgeléist gëtt, d'Wahle bannent dräi Méint musse sinn. An darselwechter Zäit hu mer och nach Délaien, wou d'Lëscht vun de Kandidaten mussen hanner-luecht ginn, déi respektéiert musse ginn. A mir hu bei der Opléisung d'lescht Joer gesinn, a wéi eng enk Situation mer heiansdo kommen, souguer mat deem Gesetz, wéi mer et elo hunn, fir déi Délaien, déi d'Verfassung an d'Wahlgesetz eis ginn, kënnen ze respektéieren.

Wa mer do dertëscht elo och nach e Gesetz quëtsche ginn, wat dann tëschtent der Opléi-sung an de Wahlen och nach mat enger Majo-rité qualifiée d'Zuel vun den Deputéierte fest-leet, kann ech nëmmen der Chamber bonne

Chance wënschen! Also, dat ass a mengen Aen, wann net direkt contraire zum Artikel 51 Paragraph 3, dann entsprécht et awer net voll a ganz deem Text, dee seet, esou e Gesetz misst do sinn.

A mengen Ae muss esou ee Gesetz ëmmer do sinn an et kann een net den Aléae vun deene jeeweilege Wahlen dat doten iwwerloossen! Dat ass enger Demokratie net würdeg. Et muss ee vu virer wëssen, eng Partei, e Land muss wëssen - net dräi Méint virun de Wahlen oder zwee Méint virun de Wahlen -, wéi vill Depu-téiert ze viele sinn. Et muss een dat am Viraus wëssen! An d'Parteien an och d'Leit dobausse musse sech dorop kënnen astellen. Et kann een dat net kuerzfristeg einfach änneren goen.

An da gëtt et an deem Zesummenhang awer en drëtten Grond, wou de Conseil d'État zwar net genee drop agaangen ass, mä wou en an engem Tëschesaz gesot huet, wa par impos-sible d'Chamber géif den Text vun der Proposi-tion de loi unhuelen, da wier et néideg, dass awer och déi ganz Technik, wéi dat vir sech géif goen, nei misst iwwerducht ginn.

An de Conseil d'État huet dat kritiséiert, well hei iwwerschnéit et sech. Mat Ären Délaien, déi Der proposéiert, iwwerschnéide sech d'Délaie vun de Wahllëschtchen - d'Aschreiwien an d'Wahllëschtchen -, déi iwwregens eréischt nom 31. Dezember ulafen a kuerzfristeg virun de Wahlen ofgeschloss ginn. Wann een also soll op den 31. Dezember d'Zuel, den Nombre électoral, fixéieren, baséiert dee sech net op déi lescht bekannt Zuel vu Wieler virun deene jeeweilege Wahlen. Da sinn et d'Wieler vu vir-drun, eventuell scho vun deene Wahle vir-drun, dat muss ee gesinn. Dat ass also e Problem, deem een net ka vernoléisseg, deem een also muss kucken.

An zweetens muss een och d'Délaie kucken, an deenen d'Wahllëschtchen deponéiert ginn. Also, all déi Délaien mussen iwwereneekappen. A mir hu gesinn, dass mer besonnesch bei deenen doten Délaien an der Vergaangenheet heiansdo ganz grouss Schwierigkeeten haten. Dofir géif ech mengen, ofgesi vun deene gene-relle Bedenken, déi mer hunn, si mer awer och net d'accord mam Projet aus deene reng tech-nesch iwwerleungen, déi ech elo duerge-luecht hunn a wou ech net an d'Detailer wëll goen a wou ech net weess, wa mer se net géife léisen, wou déi eis géifen hiféieren.

Dofir ass d'CSV mat där Proposition de loi net d'accord. Mä wéi ech am Ufank gesot hunn - dass d'Wahlgesetz och heiansdo muss noge-kuckt ginn -, verschléisse mer eis net an der Institutionskommission enger genereller De-batt iwwer all Problemer, déi mat de Wahlen hei am Land zesummenhängen, wann déi eis zu enger besserer a méi effikasser Demokratie kënnen féieren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Meyers. An nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, fir d'Éischt wëll ech och nach eng Kéier dem Rapporteur Franz Fayot häerzlech Merci soe fir säin exzel-lente schréfftlechen a mëndleche Rapport.

Et geet jo an dëser Proposition de loi drëm, fir eise Wahlsystem ze änneren an notament fir d'Fixatioun vun der Zuel vun den Deputéierte pro Bezierk ëmzännern. Den Auteur vun der Proposition de loi - an ech ginn net méi an d'Detailer, well meng Virriedner hunn dat sou-gutt technesch, juristescht wéi och philo-sophesch scho belicht - fënnt jo, dass eng Iné-galité vun de Lëtzeburger vis-à-vis vum Gesetz wär, well e seet, et brauch ee pro Bezierk res-pektiv aner Wielerzuelen, fir dass een en Depu-téierte gewielt kritt.

Mir hunn dat elo x-mol héieren an och d'DP-Fraktioun kann u sech net mat dem Gast Gibé-ryen d'accord sinn, well e sech reng op d'No-tioun vum Électeur, dat heescht vun de Lëtze-buerger, déi op de Wahllëschtchen ageschriwwen sinn, baséiert.

Mir als Volleksvertreder, mir als Deputéiert sinn do fir all Bierger, fir all Mënsch, all Awunner vun dësem Land! Dat ass och Demokratie, an net nëmmen Demokratie vun engem Wahlsys-tem. Ech mengen, ech wëll net méi den Arti-kel 50 widderhuelen, dee seet, dass d'Chamber «représente le pays». Do ass all Mënsch dran.

Déi ganz Diskussiounen, déi aper Diskussiounen viru Joren, deen Hickhack, wéi vill Deputéiert mer da sollten hei an dësem Land hunn, vun där aler Regel, dass all Kéiers, wann d'Popu-latioun ëm 5.000 gewuess ass, een Deputéierte bäikomm ass, a wéi dat op eemol total exor-bitant ginn ass, zu där flexibeler Solutioun, déi mer do fonnt hu mat awer engem Nombre maximal vu 60, huet deemools schonn zwëschen de Bezierker jo déi Problematik opgehewen.

Momentan ass et awer esou, wann een - an ech mengen, mir mussen dobäi bleiwen - elo d'Zuel vun de Résidenten hält a wann déi géigen-iwwersteet vun den Zuele vun den Deputéier-ten, déi momentan pro Bezierk ze viele sinn, da schéngt dat eis als DP-Fraktioun nach ëmmer richtig an nach ëmmer gerecht ze sinn, compte tenu vun de Contrainten, déi mer de Moment hunn. Dofir kënnen mir als DP-Fraktioun dës Pro-position de loi och net ënnerstëtzen.

Ech hänke mech awer drun, wat meng Virried-ner - an notament de Paul-Henri Meyers - elo grad gesot hunn: D'DP ass bien entendu och op a bereet, fir eng generell Debatt iwwer eise Wahlsystem ze féieren. Wa mer der Meinung sinn, dass en net méi zäitgeméis ass, dass en net méi gerecht ass, dass e wierklech misst op Vordermann bruecht ginn, si mir bien d'accord, fir eng generell Debatt ze féieren. Mä da musse mer awer och alleguerten d'Acteurs ronderëm en Dësch kréien, déi alleguerte concernéiert sinn, an da muss iwwer alles diskutéiert ginn.

Dofir, déi Approche, fir vun de Bezierker ausze-goan, ass zwar wichteg, mä et ass awer nëm-men een Detail vun eise Wahlsystem. Et geet eis net duer. Dat ass och ee vun de Grënn, fir-wat mer déi Proposition de loi do net droen.

Mä, wéi gesot, et si ganz vill aner Punkten, déi schonn ugeschnidde sinn an eise Wahlsys-tem, déi wierklech enger Diskussioun würdeg sinn.

Also nach eng Kéier: Mir sinn do, fir dat ganz Land ze vertrieben. D'Approche vun dem Au-teur vun der Proposition de loi ass fir eis net vertriebar. An dofir wäert d'DP-Fraktioun mat Nee stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Beissel. Den nächste Ried-ner ass den Här Claude Adam. Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech dem Här Fayot Merci soe fir säi mëndlechen a schréfftleche Rapport. De Statsrot huet an engem kuerzen Historique ugefuert, wéi eise Wahlsystem evo-luéiert huet - den Här Fayot huet dat och gesot - a wéi mer 1988 op déi einstweilen definitiv Zuel vu 60 Deputéierte komm sinn. Déi Zuel gëtt weder vun eis nach vun der Proposition de loi a Fro gestallt.

De Statsrot hat awer och festgehalen, datt d'Zuel vun den Deputéierten ëmmer par rap-port zu der Awunnerzuel gekuckt ginn ass an net zu der Zuel vun de Wieler. An hei propo-séiert den Auteur vun der Proposition e Para-digmewissel, deem de Statsrot net wëllt kom-mentéieren, deem déi gréng awer gäre kom-mentéieren.

Mir ginn net mat op de Wee, deen den Här Gi-béryen hei proposéiert. Mir fannen dat e fal-sche Wee. De Message un d'Volleksvertreder: „Dir sidd eenzeg an eleng der Populatioun ver-flicht, déi lech och gewielt huet“, fanne mir e falsche Message. Mir mussen eis als Deputéiert och fir d'Interesse vun deene Leit asetzen, déi net viele goen dierfen oder net viele goe kë-nnen. Dat sinn engersäits déi 46% Leit, déi bei eis wunnen a schaffen a keng Lëtzeburger Na-tionalitéit hunn, anerersäits och déi Kanner a Jugendlech, déi nach net de Wahlalter hunn, a schlussendlech och déi Leit, déi net kënnen viele goen, well se um Wahlsonndeg onver-hofft krank gi sinn oder hu missen an d'Ausland goen.

Den Artikel 50 vun eiser Constitution seet, an ech sinn net deen Eenzegen, deem dat hei er-nimmt: «Les députés (...) ne peuvent avoir en vue que les intérêts généraux du Grand-Du-ché.» Dat ass an eisen Aen de Message, dee mer musse weiderginn. An duerfir si mer der Meinung, datt de Schlëssel vun der Popu-latioun e besseren ass wéi dee vun de Wieler.

De Statsrot hat dann och d'Rechnung ge-maach, wéi et da géif an der Chamber ausge-sinn, wa mer de Schlëssel vun de Résidenté géife bäibehalen an déi demografesch Ent-wécklung vun deene leschte Jore géife berück-sichtegen. D'Konklusione vun deem Exercice waren, datt et vun 1981 bis 2013 just zu mini-male Verännerunge komm wier, zweemol zu-gonschte vum Bezierk Zentrum an zu on-gonschte vum Osten, an eng Kéier zugonschte vum Bezierk Süden an zu ongonschte vum Be-zierk Zentrum.

Duerfir deele mer och d'Konklusioun vum Statsrot, datt et net vun Intérêt ass, d'Wahlge-setz vum 20. Dezember 1988 op déi vun der ADR gefroten Aart a Weis ze änneren. Natier-lech, an dat ass och hei vu praktesch all Partei gesot ginn, ass et ëmmer erëm legitim, e Wahl-system ze hannerfroen an a Fro ze stellen.

Ech erënneren och drun, an ech mengen, all déi Leit, déi hei geschwat hunn, hunn och deen Artikel vum Fernand Fehlen am „Forum“ vum November 2013 am Hannerkapp gehat, an deem eng ganz Rei interessant Thematiken

opgegraff gi sinn. Duerfir ass et flott och, fir déi Diskussioun eng Kéier weiderzeféieren. Mä dat, wat hei proposéiert gëtt, ass an eisen Ae keng Verbesserung, an duerfir wäert déi gréng Frak-tioun och net fir dës Proposition stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Här Adam. Nächsten a leschte Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Dir Dammen an Dir Hären, déi aktuell Opdeeling vun den Deputéierten op véier Bezierker, et ass schonn e puermol hei gesot ginn, ass zréckzeféieren op en Accord vun 1988 tëschtent deenen dräi grouse Parteien, deem dra bestanen huet, fir d'Zuel vun den Deputéierte fir d'Éischt emol op 60 ze begrenzen - wat jo och emol net eng Evi-denz onbedéngt muss sinn - an zweetens d'Zuel vun den Deputéierte pro Bezierk am Ge-setz definitiv festzeleeën.

Wann ech soen „definitiv“, da kéint d'Gesetz geännert ginn, zwar mat enger Zweek-Drëttel-Majoritéit, et ass awer zënterhier ni geännert ginn. An ech wëll och hei ënnersträichen, dass de Statsrot ausgerechent huet, dass, och wann zënter den 80er Joren nei Berechnunge ge-maach gi wieren, d'Zuel vun den Deputéierte pro Bezierk awer an deene meeschte Fäll déi-selwecht gewiescht wier, wéi se zënterhier och an der Realitéit war.

Woura besteet also déi Ännerung, déi eis hei an der Proposition de loi vum Här Gibéryen virge-schloe gëtt? Si besteet doranner, als Basis fir d'Opdeeling vun de Bezierker net d'Awun-nerzuel ze huelen, mä d'Wielerzuel. An den Au-teur seet och, mengen ech, ganz kloer, wourëm dass et him geet. Et geet him drëm, net méi deene Bezierker e „pouvoir électoral plus fort“ ze ginn, déi e groussen Zouwuess vun net Lëtze-buerger Wunnbevölkerung hunn. An no deem Vorschlag géif dann och logescherweis den Zen-trum, wou jo vill auslännesch Matbierger wun-nen, véier Sëtz verléieren, déi alle véier géifen op déi aner Bezierker verdeelt ginn.

An ech mengen och, d'Absicht dovunner ass relativ kloer. Ausser där vläicht, fir dem ADR hei oder do vläicht e bësse méi Méiglecheeten ze gi bei Wahlen, mengen ech, ass d'Absicht awer och heimmadder ganz kloer verbonnen, dass hei sollen ideologesch Marqueure gesat gi virun enger Diskussioun, déi mer elo solle féieren iwwert d'Wahlrecht vun de Leit, déi hei am Land wunnen.

An ech mengen awer, dass déi Marqueuren do, déi hei sollen agefuert ginn, a wou et gutt ass, dass awer d'Chamber seet, dass se do dee Wee net wëllt matgoen, dass déi Marqueuren net nëmmen am Widersproch stinn zu där Déci-sioun, déi mer mussen huelen, zu där Disku-sioun, déi mer musse féieren och beim Referen-dum, deem elo kënnt, mä dass se souguer am Widersproch stieche mat der geschichtlecher a konstitutioneller Tradition hei am Land.

«La Chambre des Députés représente le pays.» Den Artikel 50 vun der Verfassung ass hei schonn e puermol zitéiert ginn, ech wëll en awer nach eng Kéier zitéieren, well en ass wich-tig. An ëmmer an der Geschicht ass d'Zuel vun den Deputéierten no der Zuel vun der Bevölke-rung festgeluecht ginn, net vun de Wieler. Andeem dat hei virgeschloe gëtt, ass am Fong geholl den ADR méi konservativ wéi déi Konservativ ëmmer an der Geschicht zu Lëtze-burg waren.

**(Brouhaha)**

Mir kënnen duerfir déi Proposition de loi hei, Dir Dammen an Dir Hären, net stëmmen. Si wërft net nëmme falsch Froen op, wéi wann d'Ongerechtegkeet vum Wahlsystem géif dora bestoen, dass d'Mandater no der Bevölkerungs-zuel gerechent ginn, mä si liwwert och nach déi falsch Léisungen, andeem se virschléit, se an Zukunft ze berechnen no der Wielerzuel.

Dat heescht awer net, dass de Wahlsystem, dee mer hunn, dee richtigen ass. Et gëtt selbstver-ständlech eng Verzerrung vun der politescher Representatioun hei am Land, déi awer haapt-sächlech doduerch geschitt, dass d'Land opge-deelt ass a véier Wahlbezierker, déi ongläich grouss sinn, an net nëmmen ongläich grouss sinn, wat d'Awunnerzuel ugeet, mä iwwregens och, wat d'Wielerzuel ugeet. Wann déi Proposi-tion de loi hei géif ugeholl ginn, géif dat nach guer näischt änneren oder näischt Wesentle-ches änneren un der ongläicher Opdeeling vun deene véier verschiddene Bezierker, wat derzou féiert, dass eng Lëscht no Bezierk muss en ënnerschiddleche Stëmmenundeel hunn, fir an d'Chamber ze kommen.





Den Här Gibéryen selwer, et steet net a senger Proposition de loi dran, mä en huet déi Zuele selwer genannt: 4,2% brauch ee fir en Direktésetz am Süden, am Zentrum 4,5%, am Norden 10% an am Osten 12,5%. Dat heescht, an deene kleng Bezierker gëtt et de facto eng Mindesthürd vun 10%, fir an d'Chamber ze kommen. Ech mengen, dass doduerch de reelle Choix vun de Wieler an deene Bezierker duerch d'Wahlgesetz limitéiert a begrenzt gëtt, oder weinstens tendenziell begrenzt gëtt op déi Parteien, déi an deene Bezierker schonn eng gewëssen Tradition hunn an en place sinn. An ech mengen, dass dat nach méi de Fall ass, wann ee weess, dass d'Rechemethod, fir d'Mandater vun den Deputéierten ze rechnen, déi sougenannten „d'Hondt-Method“, déi kleng Parteie ganz kloer benodelegt. Ech wëll och op deen Artikel hiweisen, deen hei zitëiert ginn ass.

Am Rapport vum Här Fayot gëtt drop higewisen, dass 1919, wéi déi Bezierker hei agefouert gi sinn - zesummen iwwregens mam allgemenge Wahlrecht a mam Fraewahlrecht, dat muss een awer och soen, 1919 war eigentlech eng fortschrëttlech Reform, mä deemools sinn d'Wahlbezierker esou opgedeelt ginn, wéi se elo sinn -, dass dat awer niwient vläicht verschiddenen och politeschen a soziologeschen Iwwerleeungen, déi och deemools schonn dohannerstoungen, awer och eng gewësse sozial Realitéit am Land an eng wirtschaftlech Realitéit erméigespigelt huet. En huet geschwat vun enger turbulenter Industriegéigend a konservativer Landgéigenden. Ech mengen, dass haut deelweis déi Grenzen opgehuewe sinn; e seet et selwer a sengem Rapport. Ech mengen, dass duerch d'Kommunikatioun tëschent de Regiounen, duerch allgemeng d'Kommunikatioun am Land d'Regiounen vill méi no geréckelt sinn.

An engem aneren Deel vu sengem Rapport, dee bezeichnenderweis aus Konsensgrënn an der Kommissioun net zrëckbehale ginn ass, aus deem ech awer hei wëll zitieren, weist en drop hin an enger zimlech grousser Däitlechkeet, wat fir demokratesch Ännerungen néideg wieren. An ech mengen och, dass een an déi Richtung weider misst diskutieren.

Den Här Fayot seet an deem net verëffentlichte Rapport, deen awer elo an de Chambersbericht stoe kënn: «La Chambre serait dans son rôle pour s'interroger sur la pertinence de cette division du pays en circonscriptions. Aujourd'hui, les différences s'estompent de plus en plus. Les activités industrielles et les services s'implantent dans tout le pays. Pour la plupart des habitants, le lieu de travail et le lieu de résidence différent, et le lien avec le canton et la circonscription est de moins en moins fort.»

An en zitt d'Konklusiounen doraus: «Face à la réalité d'aujourd'hui, on peut se poser la question si le meilleur moyen de donner le même poids électoral à chaque électeur n'est pas de créer une circonscription unique au lieu de faire chaque fois des calculs d'épiciers pour constater si telle circonscription est avantagée par rapport à telle autre.»

An dann zitt en nach eng Kéier an engem drëtten Extrait, deen ech zitieren wëll, eng Konklusioun, déi ganz wichteg ass fir déi Debatt, déi elo virun eis steet, wat d'Erweiterung vum Wahlrecht ugeet op d'Leit alleguerten, déi hei wunnen.

E seet: «De l'avis de la commission, il est de moins en moins possible...» - d'Kommissioun war awer net deem Avis, wëll ech awer och derbäisoen - «De l'avis de la commission, il est de moins en moins possible de diviser la population en deux catégories, celle des électeurs et celle des non-électeurs. Notre pays a un grand intérêt à assurer sa cohésion par la cohabitation active de tous. Étant donné que les députés représentent le peuple, et tout le peuple», Artikel 50 vun der Verfassung, «le changement de paradigme voulu par la proposition de loi va à l'encontre de la volonté politique générale d'une participation de plus en plus large de toute la population.»

An ech mengen, dass déi Referendumsdiskusioun, virun där mer stinn, e wichtige Schrëtt an déi Richtung wäert sinn. Ech mengen, et gëtt endlech Zäit, dass déi richtig Froen am Land gestallt ginn, déi vun enger wirklecher Erweiterung vun der Demokratie - dozou gehéiert och d'Wahlgesetz -, net vun enger Spaltung vun der Bevëlkerung. A well mer géint eng Spaltung vun der Bevëlkerung sinn, wäerte mer op jidde Fall géint dee Projet hei stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Urbany. Den Här Michel Wolter huet d'Wuert nach gefrot. Här Wolter.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wollt nach e puer Considératiounen dobäi zéien. Et sinn Der net méi esou vill heibannen, déi 1988 derbäi waren. Den Här Bodry néckt schonn, well e weess genau, wat 1988 d'Diskussioun war, an ech wollt vläicht dat eent oder anert Element awer matbréngen, wat an der Diskussioun a mengen Aen ze kuerz komm ass, well deemools de Kompromiss, fir vu 64 op 60 erfrozekommen, jo net dee war, fir vu 64 op 60 erfrozekommen, mä initialement hätt et sollen op 59 erfrogoen, a well de Fait, dass mer 60 Deputéiert haut hunn, eigentlech e Kompromiss duerstellt tëschent de Parteien op där enger Säit, dat ass gesot ginn, mä et muss een eierlecheethalber awer fir déi, déi derbäi waren, soen: tëscht de Bezierker, déi en jeu waren!

Well, wann haut vu ville Leit iwwer eng Circonscription unique diskutéiert gëtt, war d'Realitéit 1988 ganz kloer déi, dass bec et ongles probéiert ginn ass, an all Bezierk e Minimum vun Deputéierten ze behalen. A besonnesch déi kleng Bezierker, déi hunn...

► **Une voix.** - Den Osten!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Déi kleng... Jo, zum Beispill, de 7. An den 10., de méiglechen 10. Nordsätz, iwwert dee vill diskutéiert ginn ass, jee nodeem, wéi een et berechent huet. An d'Kompositioun vun der Chamber deemools war déi, dass Iwwerleeungen, déi a Richtung vun Emännerunge vu Wahlbezierker gongen, eigentlech net gutt ukomm sinn, well gemengt ginn ass, dass d'Chamber net nëmmen an hirer sozioprofessioneller Repartitioun, mä och an hirer geografescher Repartitioun dem Land sollt entsprechen.

An et waren haaptsächlech déi méi kleng Bezierker, déi och gefaart hunn - dat muss ee wëssen - an den 80er Joren, dass eigentlech de Bevëlkerungszouwuess géif an deenen zwee grouss Bezierker geschéien, an déi sech vehement derfir agesat hunn, dass déi Mindestnormen, wéi si dat deemools gesinn hunn, géifen agesat ginn.

Et ass d'ailleurs och de Grond, ee vun de Grënn, firwat dass den Artikel esou redigéiert ginn ass, dass nëmme mat enger qualifizierter Majoritéit déi Repartitioun nach kéint geännert ginn: fir sécherzestellen, dass souwuel um Niveau vun de Bezierker wéi och um Niveau vun de Parteie genuch Intérète kéinte beiennekommen, fir eng Ännerung vum System ze verhënnern.

Ech hunn deemools eng Motioun déposéiert gehat, 1988, well ech - an dat sinn ech och haut nach - fundamental der Meenung war, dass, wann ech mat enger fixer Zuel vun Deputéierten d'accord sinn an ech och der Meenung sinn, dass déi opgrond vun der Populatioun soll berechent ginn, ee sech awer deemools wéi och haut d'Fro hätt misse stellen, ob net vun Zäit zu Zäit den Équiliber tëschent deenen eenzelne Bezierker hätt misse kontrolléiert ginn.

Ech hat deemools d'Propos gemaach, dass dat iwwer eng Volkszählung géif geschéien all zéng Joer an dass opgrond vun der Volkszählung d'Repartitioun géif gemaach ginn. Dat ass deemools ofgelehnt ginn aus deenen Ursachen, déi ech elo eigentlech hei virun e puer Minutten dévoppéiert hunn. Ech wollt et awer gesot hunn, dass ech och haut nach der Meenung sinn, an och, wann de Statsrot ausgerechent huet, dass sech ganz weéneg Ennerscheeder an deene leschte 25 Joer eigentlech gedoen hätten, dass ech prinzipiell der Meenung bleiwen, dass vun Zäit zu Zäit d'Repartitioun tëschent de Bezierker iwwer eng Volkszählung misst eigentlech rektifizéiert ginn.

A wa se dann net ze rektifizieren ass, well mer eben an enger Welt zurzäit liewen, wou sech de Bevëlkerungszouwuess relativ am Équiliber tëschent deenen eenzelne Bezierker mécht, dann ass et tant mieux. Mä ech fannen awer - ech war deemools där Meenung an ech bleiwen och där Meenung -, dass vun Zäit zu Zäit eng Iwwerpräiwung vun deem Ganzen noutwendeg wier.

Dat wollt ech gesot hunn, andeem ech dann och nach eng Kéier rappeliieren, dass ech der vill de Mëtting héieren hunn, déi elo fir en eenheetlechen, also en eenzege Wahlbezierk plädieren. Dir wäert relativ schnell gesinn, wann Der an den Detail vun der Diskussioun gitt, wéi séier dann do aner Meenunge kommen.

Ech hat vun der Regierung emol viru 15 Joer den Opdrag kritt, fir eng Kéier iwwer esou eng Diskussioun eng Diskussioun ze féieren. A komescherweis - dat ass elo nach net esou laang hier - ass et net drëm gaangen, fir vu véier op eent ze kommen, mä an der Diskussioun ware mer op eemol vu véier op fënnf voire op

sechs, well haaptsächlech déi Leit aus dem Mierscher Kanton - Dir kënn lech nach dorunner erënneren - der Meenung waren, dass si eigentlech an der Chamber iwwerhaapt net representéiert wiere par rapport zu aneren Dealer vum Land, déi wesentlech méi staark representéiert wieren, soudass déi Leit aus dem Mierscher Kanton vehement derfir plädéiert hunn dee Moment, fir e fënnefte Wahlbezierk ze maachen zu Miersch an dee Richtung Westen géif goen.

E leschte Pefferkär an d'Diskussioun wollt ech just nach werfen, andeem ech soen, dass, wann een an eng Richtung vun engem eenheetleche Wahlbezierk wëllt iwwerleeën, een dat an engem Kontext vun enger neier Repartitioun vun de Chargen tëschent dem Stat an de Gemenge sollt maachen.

Ech hu virun iwwer zéng Joer fir d'Kreatioun vun enger Chambre des élus locaux plädéiert, déi och eng Rei vu Pouvoire misst kréien. Dat ass, wann een an esou eng eng Richtung geet - fir all déi, déi de Mëtting an eng Richtung vun engem eenheetleche Wahlbezierk plädéiert hunn -, fir mech eigentlech eng Conditio sine qua non, dass ee sech och doriwwer géeneegt kritt, fir dass an engem méi groussen Ensemble... Falls deen dann eng Kéier kënn! Perséinlech gleewen ech éischter drun, dass d'Leit der Meenung sinn, dass et soll esou bleiwen, oder net. Mä wann et esou sollt kommen, musse mer oppassen, dass dat klengt Gefüge aus eise Land, dass dat am legislative Prozess nach derbäi ass.

An déi Iddi, déi de Syvicol och elo dëser Deeg eng Kéier opbruecht huet, vun der Schaffung vun enger Chambre des élus locaux mat enger Rei vu Kompetenzen am Kader vun engem parlamentareschen, also legislative System, wou och do déi Stëmm géif gehéiert ginn, bleift a mengen Aen eng Viraussetzung, fir dass ee kann an deem heiten Dossier méi wäit kommen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Michel Wolter. An dann huet d'Regierung d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Här President, vu dass d'Verfassungsrevisioun eng ureege Matière ass vun der Chamber, d'autant plus wou haut keng statfënn, wäert d'Regierung kee weidere Commentaire dozou ofginn.

Merci.

#### (Brouhaha général)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Minister. Da géife mer iwwert d'Proposition de loi 6558 ofstëmmen, esou wéi se vum Här Gast Gibéryen abruecht ginn ass.

#### Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6558

Déi, déi mat der Proposition de loi d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi net domat d'accord sinn, stëmme mat Neen. De Vote ass lancéiert. De Vote ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass mat 57 Stëmme géint 3 Stëmme ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negrí;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Da brauch ech also dës Kéier och net d'Fro ze stellen, ob mer d'Dispens vum zweete verfassungsméisseege Vote ginn. Also ass domat d'Proposition de loi vun der Chamber ofgelehnt ginn.

Nächste Punkt um Ordre du jour ass eng Motioun, déi vum Här Serge Urbany deponéiert ginn ass an déi iwwert d'Rechter an d'Flichte vu Regierungsmembere geet. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

### 18. Motion de M. Serge Urbany relative au dépôt d'un projet de loi fixant les droits et devoirs des membres du Gouvernement dans les meilleurs délais

#### Exposé

► **M. Serge Urbany (déi Lénk), auteur.** - Merci. «Le Gouvernement présentera un projet de loi sur les droits et les devoirs des membres du Gouvernement.» Dat steet esou an der Regierungserklärung. Eraus kënn e Règlement grand-ducal, deen net ka vun der Chamber amendéiert ginn. Wann ee bedenkt, ënner wat fir Bedéngungen a mat wat fir Versprechen dës Regierung gewielt ginn ass an an d'Amt komm ass, dann ass dat eiser Meenung no méi wéi e Lapsus.

Dee Réckschrëtt vun enger Koalitioun, déi wollt e frësche Wand an d'Land an an d'Regierung bréngen an e Renouveau démocratique versprach huet, wouvun esou e Gesetz hätt sollen en zentraalt Element si laut Regierungsprogramm, dee Réckschrëtt, mengen ech, emfënt een nach méi staark, wann ee weess, dass d'CSV an der Kommissioun déi Virgoensweis ratifizéiert huet, an engem Vote. Natierlech huet se dat, well hir Politik gëtt jo domat virugesat!

Mir akzeptieren och net, wann déi Virgoensweis, wéi dat alt heiansdo geschitt, domat begrënnt gëtt, d'penal Responsabilitéit vun de Ministere wier elo schonn duerch Gesetzer ofgedeckt, duerfir bräichte mer keen neit Gesetz. Well onofhängeg dovun, dass dat jo schonn de Fall war, wéi dat an de Regierungsprogramm drageschriwwen ginn ass, geet et jo hei net nëmmen ëm d'penal Responsabilitéit vun de Ministeren.

Zu Wickreng-Léiweng a beim Cargolux-Katar-Deal - ech wëll dorop hiweisen, well ech wëll de Kontext och weisen, wou déi Regierung an d'Amt komm ass - hunn d'Ministère vläicht keng penal Gesetzer verletz, mä si hunn eng onzoulässe Vermeschung gemaach zwësche staatlechen, politeschen Interessen a privaten Interessen. A grad dat - ass eis versprach ginn deemools - sollt jo an Zukunft ënnerbonne ginn. An ech mengen, et geet och effektiv just ëm dat an engem Code de déontologie!

An déi Froen, dat wat soll ënnerbonne ginn, déi Praktike vun der Regierung vu virdrun, déi net méi méiglech gemaach solle ginn, déi stelle sech genau d'selwecht, ob een dat an engem Gesetz regelt oder an engem Règlement grand-ducal, just dass bei engem Gesetz d'Chamber mat entscheede kann, wéi esou Froe geléist ginn. An dat ënnert der Kontroll vun der Effentlechkeet, déi d'Rapporte ka liese vun de Chamberskommissiounen, déi kann d'kontradiktöresch Debatten hei an dësem Sall novollzéien a sech eng Meenung doriwwer bilden. An dat alles ass heimat net garantéiert.

An ech mengen, Här President, dass zentral Froen iwwregens emol nach guer net geléist sinn an deem Règlement grand-ducal, déi awer hätte missen zur Debatt gestallt ginn: D'Karenzzäit vun de Ministeren, ier se vun der Politik an d'Privatwirtschaft wiesselen, ass hei net op eng anstännege Manéier geléist. D'Sanktiounen, déi u Widerstéiss géint den Deontologiekodex gebonne sinn, sinn net virgesinn.

Et gëtt gesot, d'Ministère misste jo dann hir politesch Verantwortung iwwerhuelen. Da géif hinnen d'„Kapitalstrof“ drohen, hunn ech souguer gelies am Interview vum Här Minister. Just, déi Kapitalstrof ass hei net virgesinn! Si ass awer zum Beispill virgesinn am Code de déontologie fir d'Deputéiert. Do si Sanktiounen dra virgesinn.

Och d'Envergure vun der Deklaratiounsflucht, wat de Patrimoine ugeet, ass hei absolut net gekläert. Eng Saach, déi a Frankräich elo geregelt ass a wou sech zënterhier gewisen huet, dass domadder wirklech eng Kontrollfunktoun kann ausgeübt gi vis-à-vis vun de Ministeren.

Déi Motioun hei hate mer an d'Chamber erabruecht virun der Vakanz (cf. *compte rendu n°11/2013-2014, p. 410*). Si ass un d'Kommissioun verwise ginn, an der Kommissioun ass se ofgelehnt ginn. Duerfir hunn ech drop gehalen, dass se hei nach eng Kéier diskutéiert gëtt. A mir wëllen och duerfir déi Motioun hei zum Vote stellen, hei am Plenum, fir dass all Deputéierte vun all Partei hei soll Stellung huelen, ob en domat d'accord ass, dass d'Regierung esou einfach ka vun engem vun hire wichtige Programmpunkten entbonne ginn. Mir mengen op jidde Fall, neen.